



6. 6170 - Projet de loi concernant les organismes de placement collectif et

- portant transposition de la directive 2009/65/CE du Parlement européen et du Conseil du 13 juillet 2009 portant coordination des dispositions législatives, réglementaires et administratives concernant certains organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM) (refonte);

- portant modification:

- de la loi modifiée du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;

- de la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés;

- de l'article 156 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Hâr President. Kolleeginnen a Kolleegeen, wéi ech virun e puer Deeg e Journalist um Radio héieren hu vun den „U.C.I.Ten“ schwätzen, do ass mer bewosst ginn, wéi wéineg mir eigentlech iwwert dat Geschäft wëssen, dat entre-temps zum Haaptpillier vun eiser Finanzplaz ginn ass. An déi Finanzplaz dréit bekanntlech hirersäits e gudden Drëttel zu eisem nationalen Akommes bäi. Wat jo net grad näischt ass!

Wann elo schonn d'Journalisten, déi jo vu Beruffs wegen alles wësse missten, d'Waffe virun där komplexer Finanzwelt strecken, kann ee sech lichter virstellen, datt den einfache Bierger näischt mat den OPCen, den OPCVMen, den FCPen, den SICAVen, den SIFen an den FISen um Hutt huet, egal wéi vill déi och nach zu sengem Wuelstand bäidroen.

D'Fongenindustrie, wéi mir eis ugewinnt hunn dee Finanzberäich ze nennen, an deem sech den Handel mat Investmentfongen ofspilt, dat si bei eis am Ablack 3.650 Organismes de placement collectif, ofgekierzt OPC, mat enger 11.500 Ënnerfongen, déi iwwer 2.100 Milliarden Euro hei zu Lëtzebuerg verwalten. Alles Suen, déi vu Spuerer uechtert d'Welt an deene verschiddensten Zorte vu Fongen ugeluecht an da vun hei aus iwwert dee ganze Globus gestreet ginn.

Dat sinn awer nieft deenen implizéierte Banken och 400 spezialiséiert Firmaen, déi ënnert dem Sammelbegrëff Autres professionnels du secteur financier - erëm eng kéier ofgekierzt heescht se dann PSF - rangéieren an déi gudden a gär erëm déi 8.000 Leit vun deenen insgesamt 42.000 am Finanzsektor beschäftegen, an dat ouni déi sougenannte PSF de support, mat deenen nach eng kéier esou vill Leit hiert Brout verdéngen.

Mä dat sinn och nach op d'mannst zéng Milliounen Kierperschaftssteieren - obwuel d'Fonge jo direkt keng Steuer, déi Steuer net brauchen ze bezuelen - an dat si virun allem 600 Milliounen Euro, déi a Form vun Taxe d'abonnement dëst Joer beim Finanzminister erakommen. Eng Steuer, déi jo elo virun allem iwwert d'Fongen erakënn, nodeems mir jo d'Holdingen hu missen ofschafen, fir déi d'Taxe d'abonnement sengerzäit agefouert gi war.

Wann ee wëllt en Ausländer impressionnéieren, deen nach ëmmer mengt, bei eis géife sech nëmme Steuerstrépperten an aner Finanzgauner erëmdreiw, da geet et duer, datt een him ënnert d'Nues reift, datt Lëtzebuerg deen zweetgréisste Fongestanduert weltwäit ass a souguer dee gréissten iwwerhaupt, wann een nëmme dat grenziwwerschreidend Geschäft considéiert, vun deem mir eis ëmmerhin entre-temps 85% ënnert den Nol gerappt hunn.

A wann een deemselwechten Ausländer dann och nach seet, datt dee Succès, de Succès vun deene Fongen, glat a guer näischt mam Bankgeheimnis ze dinn huet, da versteet deen d'Welt iwwerhaupt net méi.

Et sollt een awer dann ophalen, den Nol weider anzeklappen an net och nach explizéieren, wéi et dozou komm ass. Et ass net ëmmer gutt, wann ee sech ze vill an d'Kaarte kucke léisst! Dir verstitt elo gläich, firwat.

Et ass nämlech eenzeg an eleng dem Ëmstand ze verdanken, datt op Bedreiwe vun e puer Spezialisten op der Plaz 1988 Lëtzebuerg als éischt EU-Land déi Direktiv a säin nationaalt Recht ëmgesat an domat dee Prozess lassgetrueden huet, deen eis zu deem gemaach huet, wat mir haut sinn: nämlech den onbestridene Champion vun der Fongenindustrie.

Säit där mémorabler Transposition virun 22 Joer wësse mir, wat et heescht „first mover“ ze sinn. A wat dat alles mat sech bréngen kann, wann een deen Éischten op ass! Duerfir dierft et dann och net verwoneren, wa mir weiderhin op déi Roll vum „first mover“ aus sinn, wéi dat zum Beispill och mat dësem Gesetz wäert de Fall sinn.

Hâr President, déi Direktiv, déi mir 1988 als Éischt an Europa ëmgesat hunn an dank där d'Vermaantung vun de Fonge vun enger eenzeger Plaz aus queesch duerch Europa méiglech ginn ass, huet offiziell UCITs I geheescht. Haut solle mer d'UCITs IV ëmsetzen, wat schonn eleng en Zeechen derfir ass, datt sech an der Tëschenzäit Etliches gedoen huet an deem dote Beräich an datt de gemeinsame Maart fir d'Investmentfonge säithier Schrëtt fir Schrëtt ausgebaut ginn ass.

D'Direktiv UCITs IV ass d'Resultat vun aacht Joer Gediskutéiers a Gedeбатéiers an den EU-Kreesser, déi nach eng Schëpp weider op den Erfolleg vun de Fongen an Europa einfach dropleeë wëllen. Ëmmerhin hat deenen hire Volume - dee Volume vun de Fongen, vun deenen an de Fonge verwalte Suen - sech a knapps enger Dose Jore verfënnfach.

D'Brësseler Commissioun hat 2006 an engem Wäissbuch d'Quintessenz vun deenen Iwwerleeunge vun deenen aacht Joer néiergeschriwwen an eng Rëtsch Virschléi gemaach, fir d'Konditione an d'Ëmfeld vun der Fongenindustrie nach ze verbessern.

Si war deemools zu der Konklusioun komm, datt virun allem iwwer véier Piste misst virgaange ginn:

Et misst, éischstens, mat der Zerstéckelung vun deem europäesche Fongegeschäft opgeraumt ginn, eng Zerstéckelung, déi sënnvoll Économies d'échelle onméiglech mécht, wat dann als Resultat huet, datt d'Fongenindustrie an Europa a puncto Käschten an och a puncto Effikassitéit einfach net mat hirem gréisste Konkurrent, nämlech dem Weltmaartleader Amerika mathale kann.

Zweetens misst een dofir dee gemeinsame Fongemaart zum Beispill duerch Fusiounen nach méi matenee verschmelzen an et esou fäerdeg bréngen, datt och no deene selwechte Spillregelen iwwerall gespilt géif ginn.

Drëttens misst nach weider un der Protektion vum Investisseur geschafft ginn, deen ëmmer erëm d'Victime vun entweder oncapabelen oder awer skrupellose Finanzjongleuren à la Madoff gëtt, déi nëmme drop aus sinn, mat de Leit hirer Geiregkeet räich ze ginn, egal wéi aarm hir Clienten dobäi ginn!

A schliesslech, véiertens, missten d'UCITs-Direktiven I bis III, also déi virdru waren, an deem Sënn iwwerschafft ginn an duerch eng nei Direktiv ersat ginn, eben déi UCITs-IV-Direktiv, iwwert déi mer haut schwätzen.

Am Juli d'lescht Joer war et dann esou wäit. D'Direktiv UCITs IV war gebak a sollt bannent zwee Joer vun den EU-Länner un d'Rulle bruecht ginn. Si raumt an enger Rei vu Punkte mat verschiddenen Handicapen op, déi d'Fongenindustrie bis dohin net behënnert hat an déi hir am Wee stoungen, wann et ëm Zesummeschlëss a grenziwwerschreidend Extensioun giong.

D'Direktiv an hir Lëtzebuurger Ëmsetzung, déi ëmmerhin 120 Säiten déck ass, léisst sech hirersäits a siwe Punkte resüméieren, vun deenen der allerdéngs nëmme sechs an der Direktiv selwer stinn an dee siwenten éischter eng Aart Lëtzebuurger Hausmaacher Kascht ass.

Éischstens gëtt et an Zukunft net nëmme den europäesche Pass fir d'Fonge selwer - och hu mer schonn 1988 agefouert -, mä och fir déi, déi déi Fonge géréieren a se verdreiw. Dat heescht, et geet duer, datt een an engem EU-Land den Agrément vun der zoustänneger Instanz huet - bei eis ass dat bekanntlech d'CSSF -, fir sech egal wou an Europa mat Fongen ofzeginn.

Beispill: En italienesche Fongegestonnaire kann ouni Weideres elo e Lëtzebuurger Fong europawäit verdreiw, wéi ëmgekéiert e Lëtzebuurger Gestonnaire en italienesche Fong queesch duerch d'EU un de Mann respektiv un d'Fra bréngen kann.

Zweetens gëtt d'Autorisationsprozedur, fir e Fong opzeleeën an en europawäit ze vermaarten, vereinfacht. Et geet duer, datt de Gestonnaire senger Opsicht doheem seng Absicht matdeelt, datt hien op e bestëmmte Maart wëllt goen, do wëllt aktiv ginn. Hie kritt da gréng Luucht am Zilland, nodeems d'Kontrollinstanz do vun hirer Schwësterorganisatioun, hei bei eis am Heemechtsland, einfach per E-Mail - also och do huet d'modern Zäit Anzuch gehalten - an d'Bild gesat ginn ass.

Drëttens gëtt, fir d'Fusiounen tëschent den Opérateuren ze erliichten an op déi Aart a Weis eben där sougenannter Économies d'échelle erauszeklappen, eng vereinfacht Autorisationsprozedur bei Fusiounsenträg agefouert, déi och zum Beispill virgesäit, datt et duergeet, wann een dräi Véirel vun den Investeuren mat esou enger Fusioun op senger Säit huet, also wann déi mat d'accord sinn.

Véiertens wäert vun elo un de Prinzip vum „Master-Feeder-Fund“ och fir d'OPCVMen, also d'Organismes de placement collectif en valeurs mobilières, gëllen, vun deenen hei ëmmer Rieds geet. Deen „Master-Feeder-Fund“-Konzept ass eng Kombinatioun vu méi Fongen, bei där déi eng, wéi den Numm et seet, en Haaptfong fiddere. Do gëtt da keen Ënnerscheed gemaach, ob déi Combine sech am nationale Kader oder grenziwwerschreidend ofspilt.

Fënneftens gëtt dee Prospekt, deen 2001 vun der UCITs-II-Direktiv agefouert gi war an deen aus enger Hällewull Klenggedrëcktem besteet, elo duerch en neie Modell ersat, deen heescht dann „KII“ - laacht elo net, et wëllt heeschen: Key Investor Information -, mat deem de Client an einfachen a verständleche Wierder iwwert d'Natur vum Fong, iwwert deem seng Risiken, seng Käschten an och seng Kursentwicklung, dat heescht am Fachjargon seng Performance an d'Bild gesat gëtt.

Natierlech muss déi KII oder Key II, wéi ee wëllt, an d'Sproche vun all deene Länner iwwersat ginn, wou de Fong ugebuede gëtt.

Sechstens läit et wuel op der Hand, datt bei esou vill Verflechtungen tëschent deenen eenzelnen Nationalmäert d'Zesummenaarbecht vun den Opsichtsorganen muss optimal sinn. Duerfir gesäit d'Direktiv eng nach méi intensiv Kooperatioun tëschent deenen Instanze vir, déi jo awer - dat soll een och net verstoppen - schonn zimlech enk haut mateneen zesummeschaffen.

A siwintens, an domat si mer bei der Hausmaacher Ajoute an dësem Ëmsetzungsgesetz ukomm, ginn eng Rei steierlech Dispositiounen virgesinn, déi sech nëmme op eist Land bezéien. Engersäits ginn all déi fiskalesch Mesuren an dat neit Gesetz iwwerholl, déi schonn am alen Ëmsetzungsgesetz vun 2002 stoungen. Well dëst Gesetz léist jo elo dat aalt of.

Anerersäits ginn och bei den „Master-Feeder-Funds“ d'Realisatiungewënner, déi ufalen, wann ee seng Fongenundeeler verkeeft, geneesou vun der Steuer verschount wéi déi auslännesch Fongen, déi vun engem Lëtzebuurger géréiert ginn. Dat eben, fir d'duebel Besteuerung ze évitéieren.

A schliesslech ginn déi nei Indexfongen, am Fachjargon ETF - also „exchange traded funds“ - genannt, vun der Taxe d'abonnement befreit. Eng Décisioun, déi de Budgetsrapporteur vun zejoert freet, besonnesch freet, well hien deemools gemengt hat, mat esou enger Exonératioun kéint een dëst neit Geschäft nawell bei eis un d'Rulle kréien.

Hâr President, Kolleeginnen a Kolleegeen, de Statsrot a mat etlecher Verspéidung och d'Chambre de Commerce hunn den Ëmsetzungsprojet analyséiert a kommentéiert a sinn zu enger Rei méi detaillierte Virschléi komm, deenen d'Finanzkommission dann och gréisstendeels Rechnung gedroen huet.

Just ee Punkt am Avis vum Statsrot war méi problematesch, well hie mat der Menace vun enger Opposition formelle verbonne war. Ausléiser war alt erëm eng kéier de legislative Stelleväert an d'Kompetenz vun enger Kontrollinstanz, an dësem Fall also vun der CSSF, déi hir Origine am angelsächsesche Recht huet an déi sech schwéier mat eise laténgesche Recht ënner een Hutt bréngen léisst.

Mir hu schonn hei op dëser Plaz méi dacks iwwert de Problem geschwat, bei deem ee beileiwen dem Statsrot a senger legalistescher Approche kee Virwurf maache kann. Ech bleiwen derbäi, datt mir dofir ee fir alle Mol missten deenen Iwwerwaachungsgremien, ob et elo d'CSSF ass, ILR oder wéi se all heeschen, en ugemessene Rechtsstatus ginn - firwat net an der Verfassung? Well nëmme esou wäerte mir et fäerdeg bréngen, datt dat éiwegt Gestreits iwwert deene Kontrollinstanzen hir Kompetenzen endlech ophéiert.

D'Finanzkommissioun huet dës kéier kuerze Prozess gemaach als Reaktioun op de Statsrot a si huet deen ëmstriddene Punkt - et giong drëm, ob eng bestëmmten Dispositioun an e Reglement vun der CSSF oder an d'Gesetz selwer gehéiert - einfach ewechgelooss, quitte datt ee spéider an engem anere Gesetz erëm drop zrëckkënn. De Statsrot war och domat d'accord.

Iwwregens, esou eng Nobesserungsgeleeënheet wäert sech dann och geschwë bidden, well scho steet eng nei, eng weider Direktiv virun der Dier, déi virun e puer Woche vum EU-Conseil a vum Europaparlament ofgeseent ginn ass an déi eng net manner grouss Bedeutung fir eist Land wäert hu wéi d'UCITs IV.

A well jiddweree weess, datt mir och bei där Direktiv - et geet ëm den EU-Pass fir d'Gestonnairé vun den Hedgefongen, deene berühmten - der Finanzplaz et schëlleg sinn, nees eis Roll als „first mover“ ze spillen, wäert déi Ëmsetzung ganz geschwënn op eis Chamber zoukommen.

Wien den Text vun dësem Gesetz iwwert d'Ëmsetzung vun der UCITs-IV-Direktiv opmierksam liest, dee wäert sech allerdéngs froen, firwat déi Hetz huet misse sinn, wou dach déi Direktiv eréischt den 1. Juli dat anert Joer a Kraaft trëtt. Dat Lescht stëmmt wuel, mä et dierf een net vergiessen, datt d'Gestonnairé an all déi aner Opérateuren sech an hir Systemer nach mussen op déi nei Dispositiounen ëmstellen, wat natierlech seng Zäit brauch. Mä, wat nach méi wichteg ass, mengen ech, ass: Doduerch, datt mir alt erëm eng kéier d'Nues vir hunn, gi mir e kloert Signal un d'Mäert. E Signal, datt mir d'Nummer eent sinn an datt mir och wëlles hunn, dat weider ze bleiwen.

Et kéint een elo nach des Laangen an des Breeden doriwwer philosophéieren, wat UCITs IV dann elo eise Land an och senger Finanzplaz Besonnesches bréngt. Mä ech mengen, dat eriwwegt sech, wann ee bedenkt, wat fir eng Spëtzepositioun mir am Fongebereich ze verdeedegen hunn a wat domat bei dëser Direktiv fir eist Land um Spill steet.

Gewëss bréngt déi nach méi grouss Ouverture vun eise Fongebereich, dee mir bis elo net fir näischt och alt emol probéiert hunn hanner Wands ze halen a géint d'Konkurrenz ofgeschotten, deen een oder anere Risque fir eise Fongestanduert mat sech. Schliesslech ersetze mir mat dësem Gesetz souzosen eng kleng Dier duerch eng Scheierpaart, duerch déi de Konkurrenzwand dann e bësse méi rau wäert bloesen.

Wann een awer op där anerer Säit der Prognos vun den Experte gleewe kann, déi mengen, duerch dës Direktiv géif de Volume vum Fongegeschäft ëm iwwer 40%



an Europa an d'Luucht, da misst dat eis éischter berouegen, well do misst dann och fir den Nummer eent an Europa, an dat si mir jo bekanntlech, nach Etleches u Geschäfte dra sinn. Also, Raison de plus deemno, fir schnell ze handeln. An dat wëlle mir jo och haut maachen.

Ier ech et vergiessen: UCITs steet iwwrengs fir „Undertaking for Collective Investment in Transferable securities“. Mä dat kann een och direkt erëm vergiessen. Fir eis sinn a bleiwen et d'Fongen, an dat hofentlech nach laang.

An duerno, mengen ech, wonnert et lech net, wann ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem honorable Rapporteur Lucien Thiel. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Claude Meisch (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi de Rapporteur Lucien Thiel et gesot huet, gëtt mat dëser Direktiv UCITs IV en europäesche Pass fir d'Sociétés de gestion vu sougenannten OPCVMen, den Organismes de placement collectif en valeurs mobilières agefouert. Hien huet dat doten an eng Geschicht gesat, eng Geschicht, déi 1985 ugaangen ass, wou den éischte Pass fir europäesch Fonge geschafe gouf, deen eigentlech de Grondsteen och war fir déi lëtzebuergesch Fongenindustrie.

Mir hunn dat deemools gemaach, wat mer och an anere Punkten zënterdeem gemaach hunn a wat mer jo och probéieren hei ze maachen: nämlech den „first mover“ ze sinn, deen, dee fir d'Éischt eng performant a kompetitiv Législatioun an engem Domän vun der Finanzindustrie en place setzt, dee Vertraue soll schafen, virun allem un d'Acteure vun der internationaler Finanzindustrie, déi solle wëssen, wat zu Lëtzebuerg an deem doten Domän geschitt; déi solle wësse mat Zäit och, wat fir eng Aktivitéite se wéi an op wat fir eng Aart a Weis kënnen zu Lëtzebuerg usiedelen an hei kënnen dévoppéieren.

Dëse Projet de loi, deen dann d'Direktiv UCITs IV ëmsetzt, dréit ënner anerem - an de Rapporteur huet et gesot - zu enger Vereinfachung bäi vun enger ganzer Rei vu Prozeduren, ënner anerem och, wann et ëm Fusiounen vun OPCVMen geet. E schaaft eigentlech eng nei Effikasitéit fir d'Gestionnaire vun de Fongen. An, mengen ech, wat och ganz wichteg ass, en dréit zu engem Plus vun Informatiounen an och vun Transparenz bäi, wat grad no deem, wat mer virun zwee Joer erlieft hunn, ee vun deene groussen Atoute muss si vun der Finanzplaz Lëtzebuerg, fir d'Garantien ze ginn, datt dat, wat mer hei maachen, korrekt ass, datt dat stabil ass, datt dat Geld, wat hei géréiert gëtt, vu kompetente Leit a kompetente Strukturen géréiert gëtt. Duerfir sinn Transparenz an Informatioun eben och vu ganz, ganz grousser Bedeutung.

Ech brauch net méi nach emol drop anzegoen - de Lucien Thiel huet et gemaach: D'Bedeutung vun der Fongenindustrie ass explodéiert an deene leschte Joren. Wa mer 1990 nach 805 Fongen haten zu Lëtzebuerg mat 1.727 Kompartimenter an 72 Milliounen Euro, déi doranner géréiert gi sinn, da sinn et am Oktober 2010 3.645 Fonge gewiescht mat net manner wéi 12.814 Kompartimenter an 2.107,5 Milliarden Euro vu Verméigen, déi do géréiert ginn, hei op der Plaz Lëtzebuerg.

Domadder ass e ganz zolidd Standbeen am Laf vun deene leschten 20 Joer vun eiser Finanzplaz entstanen, e Standbeen, wat haut mat den Haaptpillen vun eiser Finanzplaz ginn ass, nieft dem „private banking“, a wat sécherlech derzou bäidréit, datt dat, wat mer vläicht fäerten, wat am „private banking“ sech aneschtens géif dévoppéieren déi nächst Joren, datt dat awer och duerch en Ausbau vun der Fongenindustrie zu Lëtzebuerg kéint kompenséiert ginn.

Ech wëll lech weider Zuelen erspuren, wat dat doten en termes vum Emploi heescht, wat dat doten en termes vu Steierrecetten heescht, a verweisen do op déi interessant Ausféierunge vu mengem Virriedner, deem ech wëll Merci soen, och fir säi gesamte schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Wann et ëm d'Zukunft vun der Fongenindustrie zu Lëtzebuerg geet, dann ass dat heiten e wichteg Schrëtt, an et ass eben och wichteg, datt mer hei nees erëm eng Kéier deen Éischte sinn, deen dës Direktiv mat Zäiten ëmgesat huet. Mir mussen also eis Législatioun schnell un déi international Entwécklung upassen. Ech mengen do sécherlech déi europäesch, mä och déi international Entwécklung upassen. Mir mussen eis Législatioun awer och kloer halen, mir musse se liesbar halen, mir musse se transparent halen, an an deem Sënn ass et gutt, datt mer dee Schrëtt hei gemaach hunn.

Ech wëll awer och nach eng Kéier op ee méi e kriteschen Toun vun der Chambre de Commerce verweisen, deen et eigentlech bedauert, datt déi véier Actes d'exécution vun der Direktiv, déi viru kuerzem och geholl goufen, hei net mat ëmgesat goufen an datt dat dann zu engem spéideren Zäitpunkt wäert gemaach ginn. Hätte mer et an engem Worf gemaach, wär et sécherlech zu engem Plus vun der Lieserlechkeet vun deem Text do herno och komm.

Fir d'Zukunft vun der Fongenindustrie auszebauen, ass dat dote wichteg. Et geet awer sécherlech net duer. Mir mussen nach méi schnell, wéi mer dat bis ewell maachen, och op d'Kommunikatioun setzen. Mir mussen d'Avantagë vun der Fongenindustrie vum Standuert Lëtzebuerg fir d'Fongenindustrie weider no baussen droen uechtert d'Welt; mir musse Réseaux schafen, opbauen, respektiv op bestehend Réseauxen och zrëckgräifen, fir déi Argumenter, déi stark Argumenter, déi mer hunn, fir weider Fongegeschäfte kënnen op Lëtzebuerg unzezéien, nach méi bekannt ze maachen.

Sécherlech e ganz positivt Beispill ass d'Ouverture vun där Agence vun der ALFI zu Hongkong. Do géif et nach aner Méiglechkeete ginn. Wéi ass et mat ähnlechen Agencen an de BRIC-Staten? Wat mécht de lëtzebuergesche Stat, fir d'Fongenindustrie doranner ze ënnerstëtzen, nach méi präsent ze sinn op Zukunftsmarchéen a Länner, déi sech nach ganz staark wäerten dévoppéieren?

Mä et geet net nëmmen duer, drun ze denken, fir nei Bürouen doruechter opzemaachen. Vlächcht sollte mer och kucken, déi bestehend Strukturen, déi mer hunn, zum Beispill Trade and Investment Offices, déi jo bestinn uechtert d'Welt, fir déi och nach méi staark heieran anzebannen.

Eng aner wichteg Fro, wann et ëm d'Zukunft geet, ass sécherlech och déi vun der Ëmsetzung vun där nächster Direktiv, de Lucien Thiel huet et gesot, nämlech där vun den Hedgefongen, wou mer natierlech och do musse probéieren, nees schnell ze sinn, awer och gutt ze sinn, well dat jo wierklech och momentan een Domän ass, deen zwar vill an der Kritik stoung international, mä doduerch awer och a Bewegung komm ass, a Lëtzebuerg do éischter um Rand just bis ewell beträff war an aktiv war. Mä well international am Hedgefongebereich vill a Bewegung ass, kënnen mer do vlächcht déi eng oder déi aner Kaart spillen, wa mer eis richtig uleeën.

Chancë kënnen och eventuell opgezeechent ginn duerch dat Wäissbuch, wat d'Europäesch Kommissioun d'nächst Joer wëllt iwwert d'Pensionsfonge virleeën. Do gëllt et och erëm eng Kéier fir Lëtzebuerg, aktiv a proaktiv ze sinn, fir mat Zäiten an dem Wäissbuch erauszeliesen, jo, a wat fir eng Richtung kann d'Entwécklung goen, a wou kënnen mer haut schonn déi néideg Jalonë setzen, fir dann, wann eng Kéier nächst Direktive kommen, fir datt mer dann do richtig opgestallt sinn.

Datselwecht gëllt eigentlech och fir d'Direktiv vun den „Alternative Investment Fund Managers“, déi mer och musse schnell ëmsetzen, fir och an deem Domän präsent ze sinn, an do ganz besonnesch och ze kucken, datt mer de Succès vun

UCITs dann och op déi alternativ Fonge kënnen iwwerdreien. Och do ass et wichteg, an engem ganz spezifischen Deel vun der Fongenindustrie, dee sécherlech och dem Image vun der Lëtzeburger Finanzplaz nëmme ka guttdinn, datt mer op Promotioun an op Kommunikatioun setzen, fir och an deem doten Deel Kompetenzen op Lëtzebuerg unzezéien, spréich an dësem Fall Gestionnairen, Fonge-Gestionnairen op Lëtzebuerg kënnen unzezéien.

Lëtzebuerg, an ech mengen, datt dat d'Politik zum Deel war, awer och d'Fongenindustrie, d'Finanzplaz selwer war laang Zäit kritesch par rapport zu der UCITs-IV-Direktiv, huet net nëmme Chancen dra gesinn, huet och Risiken dra gesinn. Ech mengen awer, datt et wichteg ass, datt mer international net als Bremser dostinn, datt mer international eis net nëmmen zoumaachen, datt mer international kucken, datt mer éischter dat Ganzt gesinn a kucken, wat fir eng Plaz datt mir am ganzen europäesche Marché kënnen spillen a kënnen anhuelen, a wéi dee gesamteuropäesche Marché sech kann entwéckelen. Do musse mer dann einfach eis och mat Zäiten heiansdo ëmstellen, och wann dat esou munches wäert fir eis änneren. Et wär schued, wa Lëtzebuerg Brems wär; Lëtzebuerg muss Motor sinn, och an deem doten Domän.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Meisch. Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Lucien Thiel, Merci soe fir seng exzellent Rapporten. Dëse Projet de loi ass vu grousser Bedeutung fir d'Lëtzeburger Fongenindustrie an domadder fir eis Finanzplaz am Allgemengen.

Bei der Domiciliatioun vun den Investmentfongen - OPCVMen - ass eis Finanzplaz laut Luxembourg for Finance weltwäit zu Lëtzebuerg Nummer 1, an dat mat engem komfortabele Virsprong, a gehéiert mat dem Vote vun haut an der Chamber an deem Domän och zu de sougenannten - wéi et elo scho gesot ginn ass - „first mover“, op Lëtzebuergesche gesot: „Deen Éischten ass vir.“

Dat neit Regelwierk UCITs IV, wat duerch dëse Projet de loi an nationaalt Recht ëmgesat gëtt, bitt genuch Chancen, fir eis Leaderpositioun an deem Beräich weider ze festegen. D'Fongenindustrie ass, wéi gewosst, niewent dem „private banking“ dat zweet Standbeen vun eiser Finanzplaz. Dëst Standbeen gëllt et elo weider auszebauen, zumools wann ee weess, dass dat klasescht Bankegeschäft - fir et emol virsiichteg auszudrücken - am Moment e bëssen op der Plaz trëppelt. Käschtereduktiounen - an Ëmstrukturierungsmoosnamen hunn dozou gefouert, dass d'Zwëscherresultater bei de Banken Enn September 2010 alles anescht wéi brillant sinn. Den Trend weist am Moment leider kloer no ënnen. Vill Sozialpläng sinn a Verhandlungen.

Här President, de Kompromëss, deen d'lescht Woch op EU-Niveau ausgehandelt gouf am Beräich vum Bankgeheimnis, gëtt eis eng gewësse Verschnaufpau an hält eis zumindest emol eng Zäit aus der internationaler an der europäescher Schosslinn. Am Endeffekt bedeit dëse Kompromëss awer eng weider Opweechung vum Bankgeheimnis.

De Bankesecteur ass amgang sech ëmstrukturéieren, an et ass net gewosst, ob déi klasesch Bankaktivitéiten erëm den Niveau vu virun der Finanz- a Wirtschaftskris erreeche wäerten.

Eise Budgetsrapporteur Alex Bodry huet a sengem schrëftlechen a mëndlechen Rapport schonns drop higewisen, dass momentan de gréissten Hoffnungsschimmer am Bankesecteur vun der Fongenindustrie kënn.

Dës dynamesch Entwécklung am Fongesecteur gëtt duerch d'Uwuesse vun der Taxe d'abonnement bestätegt. Am Total waren et ronn 600 Milliounen Euro Taxe d'abonnement fir 2010. Dat ass e Plus vu 25% par rapport zu 2009. Laut den Zuele

vun der CSSF huet de globale Patrimoine - 2.107 Milliarden Euro - vun de Fongen Enn Oktober 2010 quasi erëm den historresche Rekordniveau vun 2007 erreecht.

Här President, duerch dës EU-Direktiv ginn d'Investitiounsprodukter am Beräich vun den OPCVMen weider diversifizéiert, den Handel mat dësem Typ vun Investitiounsfonge gëtt weider liberaliséiert a virun allem och vereinfacht.

D'Finanzkris huet eis geléiert, wéi wichteg et ass, dass d'Investisseuren de Produkt och wierklech verstinn, an dee se wëllen hunn ze investéieren an en connaissance de cause hir Entscheedungen ze treffen. Duerch méi verständlech a vereinfacht Information wäert den Investisseur an Zukunft d'Investitiounspolitik vum Fong besser novollzéie kënnen.

D'Aféierung vun engem europäesche Pass fir Gesellschaften, déi Fonge géréieren, eng schnell an einfach Notifikationsprozedur, fir d'Fongen an aneren EU-Memberstaaten ze kommerzialiséieren, grenziwwerschreidend Fusiounsméiglechkeete fir d'Fongen: Alles dat sinn Erneierungen, déi éischens d'Kommerzialisatioun vun de Fongen EU-wäit vereinfachen a stimuléieren wäerten an zweetens och eng Käschtereduktioun mat sech brénge wäerten.

Duerch seng international gutt Reputatioun a qualitativ héichwäerteg Expertise ass de Lëtzeburger Fongesecteur gutt placéiert, fir optimal vun dësen neien Opportunitéiten profitéieren ze kënnen.

D'Chambre de Commerce weist awer och an hirem Avis op e gewëssene Risiko hin, deen duerch d'Aféierung vun engem EU-Pass fir Gesellschaften, déi Fonge géréieren, besteet. Mëttel- bis langfristeg besteet e gewëssene Delokalisationsrisiko. Et ass duerchaus méiglech, dass Gesellschaften sech an aneren europäesche Finanzplazen, déi eng méi niddreg Käschtestruktur opzeweisen hunn, nidderloossen a vun do aus hir Lëtzeburger Fonge géréieren.

Duerfir lancéiert d'Chambre de Commerce an hirem Avis och en Appel un d'Fongenindustrie - ech zitieren: «La Chambre de Commerce en appelle à l'industrie des fonds pour maintenir l'excellence des spécialistes à un degré élevé de compétitivité intellectuelle de façon à continuer à attirer des professionnels à Luxembourg et à y maintenir une partie importante de la chaîne de valeur ajoutée.»

Här President, dëse Projet de loi gesäit niewent der Ëmsetzung vun der UCITs-IV-Direktiv och nach eng Rei aner Change-menter vir, notamment e gewëssen Typ vu Fongen, déi sougenannten „exchange traded funds“ - ETF -, vun der Taxe d'abonnement ze befreien. Doduerch soll d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg verbessert ginn.

D'CSSF muss an deem Kontext awer ganz genau oppassen, wéi eng Zorten ETFen zu Lëtzebuerg zougelooos ginn! Well „swap“-baséiert synthetesch ETFen sech als héich komplex erweisen an och gewësse Risikoe beinhalten.

Mam heitege Vote brénge mir et fäerdeg, dat ganz UCITs-IV-Regelwierk laang virum virgeschriwwenen Délai ëmzesetzen. Soumat huet dee ganze Fongesecteur Rechtssécherheet, Droit commun, a ka sech deemno laang genuch virun der Mise en vigueur den 1. Juli 2011 fir deen neie Créneau hei opstellen.

Domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Roger Negri. Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President. Och mäi Merci zuéisch un de Rapporteur fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Bericht iwwert d'UCITsen, d'„Undertakings for Collective Investment in Transferable securities“.

Mir wëssen alleguerten, datt d'europäesch Fongen an der Moyenne e Volume hunn, dee fënnef- bis sechsmol méi kleng ass wéi d'Moyenne vun den amerikanesche Fongen. Si sinn doduerjer manner rentabel.



Déi nei Reglementatioun wäert et erlaben, fir eng etlech Économies d'échelle ze maachen, fir also d'Zuel vun den Investmentfongen ze reduzéieren, awer de Volume ze augmentéieren.

A Frankräich ass zum Beispill ausgerechent ginn, datt eleng fir déi franséisch Fonge pro Joer iwwert dee Wee 600 Milliounen Euro un administrative Käschte kéint gespuert ginn. Dat ass also eng wesentlech Verbesserung vun der Situatioun, speziell fir déi international Produkter, fir déi Fongen, déi international verkaaft ginn, well et ass fir déi, wou dës Direktiv - dës UCITs IV - haaptsächlech en Avantage bitt.

Et muss een also och festhalen, datt mer an dësem Gesetz elo an UCITs och eng etlech Verbesserungen an deem Sënn virgesinn hunn. Éischtens kënnen d'Sociétés de gestion an och d'Produkter selwer, dat heescht d'Fongen, elo fräi an Europa verkaaft ginn.

Et ass eng Verbesserung och virgesi vun der Informatioun vun den Investisseuren iwwert den „Key Investor Document“, dat soll méi einfach, méi lieserlech sinn an och präzis Informatioun ginn, fir datt deen, deen an esou e Fong investéiert, och da ganz gutt a kloer gesäit, wou et higeet. Dat ass jo oft kritiséiert ginn, speziell elo wéi d'Kris wor, datt eng etlech Leit geduecht hunn, si wieren do schlecht informéiert ginn. Doduerjer, datt een elo en eenheetlecht Dokument huet, ass dat eleite manifestement eng Verbesserung, well esou en internationale Pass, wéi mer deen elo fir d'Investmentfongen hei virgesinn, geet sonner Zweifel awer an déi richteg Richtung.

Wann UCITs IV Realitéit gëtt, da gesäit een, datt verschidden, no de Sondagen, déi gemaach gi sinn, 81% vun de Fonge géifen op Lëtzebuerg kommen a 15% an Irland, 4% géifen an aner Länner goen. Elo musse mir hei hoffen, datt, well mir déi Éischt sinn a mir also d'Nues vir hunn, mer also och wäerten dovunner profitéieren an datt och duerch déi nei Gesetzgebung d'Lëtzeburger Finanzplaz gestärkt gëtt, datt mer och doduerjer hei fir ganz vill Aarbechtsplazen, fir gutt gesond Statsfinanze kënne bäidroen. Et ass also e ganz wichtegt Gesetz.

Duerfir wollt ech och den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. Elo kritt d'Wuert den Här Finanzminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Här President, ech géif gärden all de Kolleege Merci soe fir déi grouss Ënnerstëtzung, déi dëse Projet heibanne fënnt, a virun allem och dem Rapporteur, dem Här Lucien Thiel, fir säi Rapport. Ech mengen, et ass richteg, datt an Zäiten och vu schwieriger wirtschaftlecher Situatioun mer déi Secteuren ënnerstëtzen, déi d'Kris relativ gutt iwwerstanen hunn, an déi Secteuren, déi zu eise Land passen. An den Déngschtleschtungssektor ass nun eemol een, deen an engem klengen Land weider ka vläicht méi licht ausgebaut gi wéi aner Secteuren, well d'Gegebenheete geographescher an anerer Natur eben esou sinn, wéi se zu Lëtzebuerg sinn.

Dës Direktiv UCITs IV ass e ganz positive Schrëtt, eng nei Chance fir Lëtzebuerg. Et ass eng Chance fir Lëtzebuerg, well mer an dësem Beräich, wou mer den Nummer 2 an der Welt sinn hanner Amerika, den Nummer 1 an Europa, déi Leadershippositioun wëllen halen. Et ass eng gutt Direktiv, well se am Fong eng Vereinfachung vun der ganzer Dokumentatioun am Fongebereich, am reglementéierte Fongebereich mat sech zitt, e bessere Schutz vum Investisseur virgesäit, an och eng Käschterreduktioun am Fong duerch dës Reduktioun kënnt. Duerfir, mengen ech, ass et e gudden Text.

Mä virun allem sinn ech natierlech ganz frou, an ech mengen, mir kënnen zesumme stolz drop sinn, datt Lëtzebuerg hei erëm eng Käier dat éischt Land ass, wat dës Direktiv ëmsetzt. Domadder hale mer déi Leadershippositioun, déi mer scho fir de Moment an der Welt hunn.

An duerfir sinn ech och ganz d'accord notament mat deem, wat den Här Meisch hei gesot huet, datt mer musse weider Ef-

fortë maache bei der Promotioun an der Kommunikatioun. Mä déi hu mer an deene leschte Méint gemaach. Déi muss ee verstärkt nach maachen.

Ech hu gesi bei menge kierzleche Reese fir d'Promotioun virun allem vun de Fongen a Latäinamerika oder an Asien, datt den Numm UCITs verbonne mat Lëtzebuerg schonn extrem bekannt ass. Mir sinn zum Beispill zu Hongkong bäi Wäitem den Nummer 1 vun de grenziwwerschreidende Fonge virun Irland. An dat sinn esou vill Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg.

Et geet hei drëm, weider Aarbechtsplazen ze schafen a weider Steiereinnahmen duerch déi Aktivitéiten ze kréien. Duerfir maache mer och e Büro zu Abu Dhabi op. Duerfir suerge mer och derfir, datt déi „Trade and Investment Offices“, déi Lëtzebuerg huet, verstärkt och fir d'Finanzindustrie Reklamm maachen.

Déi Kommunikatioun geet also weider an och déi Promotiounsvisiten. D'Kommunikatioun, déi domat zesummenhänkt, wäerte mer och verstärkt am nächsten an iwwernächste Joer weider maachen, besonnesch, well et drëm geet, och nei Marchéen nach derbäizekréien. Et geet net nëmmen duer, datt mer eis erklären an eisen direkten Nopeschlänner; dat ass vläicht méi wichteg an der Activité de banque privée. Mä bei der Fongenindustrie si mer an engem weltwäite Business. An an engem globaler Welt muss een och global präsent sinn.

Et ass gutt, datt dëst Gesetz haut gestëmmt gëtt, datt mer dat éischt Land sinn, wat déi Direktiv ëmsetzt. An ech wëll hei soen, datt mer och bei der Direktiv iwwer alternativ Investmentfonge wäerten déi Éischt sinn, déi dat maachen. Dat kann een nach net ganz direkt maachen, well déi Direktiv ass nach net a Kraaft. UCITs trëtt elo den 1. Januar a Kraaft. Mä soubal och déi Direktiv formell a Kraaft ass, wäerte mer och do mat engem Projet de loi kommen, verbonne mat enger Rei vun noutwendege steuerlechen Arrangementen, fir fir déi Asset Manageren, déi ganz gutt Angeboter gemaach kréien, notament an aneren europäesche Länner, och zu Lëtzebuerg ze kucken, d'Rahmbedéngungen esou ze gestalten, datt se och op Lëtzebuerg als eng méiglech Adress kommen.

Dorunner schaffe mer. Mir brauchen do eng Rei Spezialregelunge fir héich qualifizéiert Spezialisten, déi mer an deem dote Beräich brauchen, an dat maache mer! An deem Sënn e grouse Merci un d'Chamber fir hir effikass a schnell Aarbechten.

Erlaabt mer - une fois n'est pas coutume -, och hei am Numm vun der Regierung dem Statsrot Merci ze soen. Well dee Projet de loi war wierklech e ganz décke Projet de loi, an de Statsrot huet och hei an enger ganz kuerzer Zäit en héich technesche Projet de loi aviséiert. Dat ass gutt fir d'wirtschaftlech Entwécklung vun dësem Land.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Finanzminister. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6170 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, géint 1 Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger

Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt deejéinegen, dee sech enthalten huet, seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6183 iwwer eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'TVA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeloucht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen den Här Meisch. Elo huet d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Haupt. Här Haupt, Dir hutt d'Wuert.

7. 6183 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée et portant transposition

- de l'article 3 de la directive 2008/8/CE du Conseil du 12 février 2008 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne le lieu des prestations de services;

- de la directive 2009/69/CE du Conseil du 25 juin 2009 modifiant la directive 2006/112/CE relative au système commun de taxe sur la valeur ajoutée en ce qui concerne la fraude fiscale liée aux importations;

- de la directive 2009/162/UE du Conseil du 22 décembre 2009 modifiant diverses dispositions de la directive 2006/112/CE relative au système commun de taxe sur la valeur ajoutée;

- de la directive 2010/66/UE du Conseil portant modification de la directive 2008/9/CE définissant les modalités du remboursement de la taxe sur la valeur ajoutée, prévu par la directive 2006/112/CE, en faveur des assujettis qui ne sont pas établis dans l'État membre du remboursement, mais dans un autre État membre

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Norbert Haupt (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, wann een de leschte Rapporteur virun der Chrëschtvakanz ass, da sinn d'Erwaardungen un ee ganz grouss, an zwar déi, dass ee ganz kuerz soll sinn.

(Hilarité)

Ech wäert wéi gewéinlech Är Erwaardungen net hei enttäuschen. Erlaabt mer awer, kuerz op déi Hauptprinzipiën vun der Ännerung vun dësem Projet anzegoen.

De Projet, dee gesäit vir d'Transpositioun vu véier Direktiven an eis national Gesetzgebung, véier europäesch Direktiven, déi eng Ännerung vun dem Gesetz vun 1979 iwwert d'TVA bedéngen. Un éischer Stell hu mer d'Transpositioun vun der Direktiv 2008/8 iwwert den Uert, an deem verschidden Déngschtleschtungen prestéiert ginn, an domat iwwert den Uert, wou se am Fong geholl der TVA ënnerworf sinn a wou d'TVA muss bezuelt ginn.

D'Modifikatioun, déi den 1. Januar 2011, dat heescht den 1. Januar, deen elo hei gläich an d'Land steet, déi also da soll a Kraaft trieden, betrëfft virun allem déi kulturell, artistesch, sportlech, wëssenschaftlech, éducativ an Ënnerhalungsaktivitéiten, déi un eng Persoun prestéiert ginn - eng Persoun, déi och der TVA ënnerworf ass -, an dat ass wichteg, fir dat ze ënnersträichen. Bis elo gouf d'TVA op deenen Aktivitéiten an Déngschtleschtungen do erhuewen, wou déi Aktivitéite stattfonnt hunn. Vum 1. Januar u solle se do der TVA ënnerworf ginn, wou den Empfänger vun deenen Déngschtleschtungen - wann en also och der TVA ënnerworf ass -, wou deen etabléiert ass.

Als Zweet hu mer d'Transpositioun vun der Direktiv 2009/69 iwwert de gemeinsame System, wat d'Bekämpfung vun dem Steuerbedruch op den Importatiounen ubelaangt, Importatiounen, déi zu intercommunautären Transferten Ulass ginn hunn an doduerch zu enger Exonératioun vun der TVA am Importland gefouert hunn. Bis elo war et esou, dass all Land déi Importatiounen no sengem eegene Gutdünke behandelt huet, wat zu deene berühmten „fraudes carousel“ gefouert huet, déi d'Länner vun der EU eng Onmass vu Steuerhannerzéiunge kascht hunn. Dës Direktiv prezisiéiert d'Konditiounen, déi vum Importateur erfëllt musse ginn, fir dass esou eng Exonératioun vun der TVA am Importland geschéie kann. Doduerch sollen d'Méiglechkeete vun der Steuerhannerzéiung a Grenze gehale ginn.

Als Drëtt fanne mer d'Ëmsetzung vun der Direktiv 2009/162, déi punktuell Adaptatiounen vum TVA-Gesetz mat sech bréngt, déi awer déi grouss Prinzipiën vun eiser Gesetzgebung iwwert d'TVA net beréiert. Viséiert ass de Regime vun der Liwwerung an dem Import vun dem elektresche Strom an dem Naturgas iwwer all Netzer a Systemer, an d'Liwwerunge vu Keelt an Hëtzt ginn och där Gesetzgebung bäigefügt.

Als Lescht hu mer d'Direktiv 2010/66 iwwert d'Modalitéite vun dem Zréckbezuelt vum der TVA u Persounen, déi net an deem Land wunnen, an deem d'TVA zréckbezuelt soll ginn, awer an engem anere Land vun der Europäescher Unioun. Dës Direktiv soll de Stéchdatum, bis zu deem eng Demande fir d'Zréckbezuelt vum der TVA agereecht muss ginn, vum 30. September 2010 op den 31. Mäerz 2011 verlängeren. Des Weidere gesäit de Projet de loi verschidden Upassung vum TVA-Gesetz vir, Upassung, déi eng virausgaangen Transpositioun vun Direktive concernéieren an déi sech aus der Praxis vun der aldeeglecher Applikatioun vun dem Gesetz imposéiert hunn.

Déi verschidde Berufschamberen hunn hiren Avis zu dësem Projet ofginn a sech och mam Projet averstane gesot. De Statsrot huet besonnesch d'Punkte kritiséiert, déi d'Konditiounen an d'Limité vun den Exonératiounen op verschidden Importatiounen iwwer Règlement grand-ducal wëlle regelen. De Statsrot war der Meinung, dëst wier net prezis genuch, besonnesch am Zesummenhang mat dem Artikel 101 vun eiser Constitutioun an der Jurisprudenz vun der Cour constitutionnelle iwwert d'Steieren. Doropshin hu mer, esou wéi de Statsrot et proposéiert huet, déi Dispositiounen, déi d'Regierung iwwer e Règlement grand-ducal wollt huelen, an d'Gesetz mat iwwerholl.

De Statsrot hat awer een Alinea vun där Dispositioun vergiess matzedeelen. Mir hunn et an der Kommissioun festgestallt a mir hunn dem Statsrot dat matgedeelt, an de Statsrot war d'accord, dass et sech do ëm eng „erreur matérielle“ géif handeln an dass mer dat kéinten an den Text mat afügen, ouni dass de Projet erëm sollt bei de Statsrot zréckgoen. Dat hu mer gemaach.

D'Chamberskommissioun huet och mäi Rapport esou ugehall, mat deenen Ännerungen, déi do virgesi waren. Ech hunn, wou mer awer de Rapport kritt hunn, festgestallt, dass am Text, esou wéi am Rapport virgesinn, och zwee Renvoien net ge-